Factsheet Biergerbedeelegung

1. De Wee zu méi Biergerbedeelegung huet bei eis ugefaangen:

D'Reform vum Gemengegesetz gouf an engem grouss ugeluechte Participatiounsprozess virbereet, dee sech u Gewielten, GemengenagentInnen a BiergerInne geriicht huet.

Eckdaten:

- Summer 2019: Optakt vum Reformprozess mat 300 Gewielten & AgentInnen
- Hierscht 2019: 6 Regionalfore mat 400 Participanten aus 93 vun 102 Gemengen
- Wanter 2019/2020: Online-Ëmfro, un där 5.655 BiergerInnen deelgeholl hunn
- Januar 2020: Biergeratelier mat 50 BiergerInnen

→ All d'Resultater aus dësem Prozess goufen an 2 Rapporte festgehalen, déi op www.gemengereform.lu ze fanne sinn.

E puer Aussoen zur Biergerbedeelegung aus de Regionalforen

Commissions consultatives:

- "Projeten an de Kommissioune virstellen, ier se op den Ordre du jour vum Conseil kommen"

Kritik um Defizit vu Biergerbedeelegung:

- "D'Leit wëllen net méi nëmmen déi fäerdeg Léisung presentéiert kréien, si wëlle matschwätzen"
- "Informatiounsfloss zum Bierger hi muss verbessert ginn"
- "Net genuch Biergerbedeelegung"
- "Kommunikatioun mat de Bierger méi kloer, einfach, zäitno"

Iddien:

- "Bei grousse Gemengeprojeten e Referendum mat de Bierger maachen"
- "Workshops mat de Bierger"
- "Budget, fir Ëmfroe fir d'Bierger z'organiséieren"
- "Brainstorming mat de Bierger organiséieren, wann et ëm d'Gemengeplanung geet"
- "Biergerbedeelegung beim Avant-projet"
- "Quartierspezifesch participativ Prozesser entwéckelen"
- "plus d'enquêtes de satisfaction auprès des ménages"
- "Participativ Gestaltung vu klenge Projeten am Quartier"
- "Biergeratelieren: 20-30 Leit, déi matschaffen"
- "Biergerbedeelegung: wann Décisioune geholl ginn, sollen d'Bierger hir Meenung dozou online oder iwwer eng App soe kënnen"

E puer Iddien zur Biergerbedeelegung an Informatioun / Kommunikatioun aus dem Biergeratelier

- "Méi Informatioun zum Zougank zu de Kommissiounen, méi Informatioun zur Aarbecht vun de Kommissiounen
- Referendum, Sondage, Table ronde mat de Bierger
- Participation should be incorporated in the law of communes ;
- Forum citoyen avec tirage au sort ;
- Bierger an d'Ausschaffe vu Gemengeprojeten abezéien ;
- Rapport vun all Réunioun an all den Entscheedungen, déi fir d'Gemengeliewe getraff ginn, publizéieren;
- Digital Infotafelen - Elektronesch Reideren an all Duerf ;
- Gemengebuet: Résumé fir déi, déi net de ganzen Débat wëlle/kënne liesen."

Factsheet Biergerbedeelegung

2. Reforméiert Instrumenter – Op d'Detailer kënnt et un:

Referendum:

- wichtegst Instrument vun der direkter Demokratie
- déi existéierend Dispositioune si präziséiert ginn
- 2 Variante vum Referendum:
  - Referendum, dee vun de Bierger initiéiert gëtt: consultatiivt Resultat
  - Referendum, dee vum Gemengerot initiéiert gëtt: contraignant Resultat
- Referendum däerf just iwwert d'Theme sinn, déi och am Intérêt communal leien
- Bierger mussen 1 Mount virum Referendum en Informatiounsdossier kréien, fir dass si och en connaissance de cause ofstëmme kënnen.
- Am Fall vu Fusioune muss et e Referendum ginn, deem säi Resultat contraignant ass.

Consultation citoyenne:

- dorënner kann alles falen, wat vum Gemengerot initiéiert gëtt, wéi z.B. Ëmfroen, Workshops, Budget participatif, kommunale Biergerrot, Kannergemengerot …
- d'Resultater sinn ëmmer consultativ
- bannent 3 Méint muss de Gemengerot iwwert d'Resultat diskutéieren an en Avis dozou ofginn
- obligatoresche Retour un d'BiergerInnen

Commissions consultatives:

- e puer Eckdaten iwwert d'Zesummesetzung an de Fonctionnement gi regléiert
- Kommissioune mussen e kloere Retour vum Gemengerot op hir Avise kréien

3. Neit Instrument – neie Moment:

Initiative citoyenne communale:

- neit Instrument vun der Biergerbedeelegung, d'Initiativrecht läit bei de BiergerInnen
- Vu 16 Joer un: si soll d'Participatioun vun deene Jonken stäerken an hinnen d'Méiglechkeet ginn, um demokratesche Prozess deelzehuelen
- Wéinstens 3 Organisateure schaffen eng konkret Propos aus, déi dem Intérêt communal entsprieche muss, fir recevabel ze sinn.
- 6 Wochen Zäit, fir Ënnerschrëften ze sammelen (ofhängeg vun der Gréisst vun der Gemeng):
  - 100 Ënnerschrëften, wann d'Gemeng manner wéi 2.000 AwunnerInnen huet
  - 5% vun der Awunnerzuel, wann d'Gemeng 2.000 – 50.000 AwunnerInnen huet
  - 2.500 Ënnerschrëften, wann d'Gemeng méi wéi 50.000 AwunnerInnen huet

→ Wa Quorum erreecht: Organisateure ginn an de Gemengerot invitéiert, fir hire Projet ze presentéieren a mam Gemengerot ze diskutéieren.

4. Keng Participatioun ouni Informatioun:

Publicatioun: Modernisatioun duerch Digitalisatioun

- Déi obligatoresch Publicatioun am Reider gëtt duerch eng obligatoresch Publicatioun um Internetsite ersat

Informatioun an Transparenz:

- Prinzip vu regelméisseger Informatioun vun der BiergerInnen
- Conseillere mussen eng Plaz kréien, fir hir Vue kënnen auszedrécken → Kloer Regelen, wéi dat am Detail geet, mussen d'Gemenge sech selwer am ROI ginn.
- PVe musse bannent engem Mount publizéiert ginn. Dës kënne schrëftlech oder audiovisuell sinn.